Groupe parlementaire

N° 4762
Reçue le 28.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.07.2021

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Er schéngt esou ze sinn, datt de Barème vun der Akommessteier säit 2009 net méi un déi allgemeng Präisdeierecht ugepasst. Domat si mir scho méi laang mat dem Phänomen vun där sougenannter "kaler Progressioun" vun der Steierlaascht confrontéiert.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi dës feelend Upassung motivéiert ass?
2) Ass an dëser Legislaturperiod nach eng Upassung geplangt? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°4762
Reçue le
25/08/2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 839xdf1d5

Luxembourg, le 25 AOUT 2021

**Concerne :** Question parlementaire n° 4762 du 28 juillet 2021 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant l'indexation du barème de l'impôt sur le revenu

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

144-000003-20040525-FR

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale:
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.mfin.gouvernement.lu

N°4762
Reçue le
25/08/2021

**Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Ufro N°4762 vum 27. Juli 2021 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser iwwert den Barème vun der Akommessteier**

Den honorabelen Deputéierte verweist a senger parlamentarescher Ufro op de Barème vun der Akommessteier, dee säit 2009 net méi un déi allgemeng Präisdeierecht ugepasst gi wär. An dësem Kontext si folgend Punkten ze erwänen.

Fir d'éischt ass ze soen, datt déi allgemeng Upassung vum Barème un d'Inflatioun, deen am Artikel 125 vum Akommessteiergesetz virgesi war, duerch d'Gesetz vum 21. Dezember 2012 ofgeschaaft ginn ass. D'Regierung Juncker huet deemools am Gesetzesprojet drop higewisen, datt dee Schrëtt néideg war opgrond vun den deemolege budgetäre Contrainten.

Et ass des Weideren drop hinzeweisen, datt d'Regierung am Kader vun der Steierreform 2017 de Steierbarème substantiell ugepasst huet. Duerch d'Upassung vun den ënneschten Tranchen an duerch d'Aféierung vun 2 weidere Steiertauxe vun 41 respektiv 42 Prozent, ass de Steierbarème sozial méi gerecht gemaach ginn. Derbäi kennt, datt d'Steierreform 2017 d'Steierkreditter (CIS, CIP, CII) komplett néi modeléiert huet, fir déi Leit mat déiwe Revenue steierlech nach weider ze entlaaschten. All déi Mesurë sinn aus steierlecher Siicht méi sozialgerecht a méi adequat, wéi wann d'Regierung eng allgemeng Upassung vum Barème vun der Akommessteier un déi allgemeng Präisdeierecht ënnerholl hätt, déi virun allem Leit mat héije Revenue favoriséiert hätt.

Des Weideren, wéi an der rezenter Vergaangenheet méi wéi eng Kéier vun der Regierung erwäänt, erlaabt déi aktuell budgetär Lag, déi besonnesch duerch d'Pandemie gezeechent ass, keng allgemeng a grouss Steierreform zu dësem Zäitpunkt ze ënnerhuelen.